LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Vice-Premier Ministre
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Un d'Madammen an Häre**
**Buergermeeschter*innen**

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

**Betrëfft : Nei Sensibiliséierungscampagne „Zesummen ënnerwee" fir méi Versteesdemech tëscht Vëlosfuerer a Foussgänger**

Madamm, Här Buergermeeschter*in,

Mam Zil, fir e respektvollen Ëmgang tëscht Vëlosfuerer a Foussgänger ze promouvéieren, lancéiert de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten d'Sensibiliséierungscampagne „Zesummen ënnerwee".

Zanter dem reegelrechte Vëlos-Boom an der Pandemie a grad während de Summerméint sinn oft Vëlosfuerer a Foussgänger zesummen op deene nämmlechte Weeër ënnerwee.

Am Zentrum vun dëser Campagne steet de géigesäitege respektvollen Ëmgang tëscht Vëlosfuerer a Foussgänger, wou déi zwou Säiten drun erënnert ginn, wéi wichteg et ass, den ëffentleche Raum ze deelen an een op deen aneren opzepassen.

Dës Campagne wëll d'Cyclisten an d' Foussgänger op d'Wichtegkeet vun einfache Gesten a Praktiken am ëffentleche Raum opmierksam ze maachen, fir Konflikter am Verkéier ze vermeiden.

Hei sinn eis 10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vëlosfuerer a Foussgänger:

1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo
2. Vitesse upassen
3. Ofstand suergt fir Sécherheet
4. Schelle virum Iwwerhuelen
5. Bléckkontakt
6. Moien a Merci
7. Richtungswiessel ukënnegen

Bureaux :
4, Place de l'Europe
Luxembourg

Adresse postale :
L-2940 Luxembourg

Tél. : (352) 247-83301
Fax : (352) 247-93308

e-mail :
ministre@tp.etat.lu

8. Haart Musek an Handy vermeiden

9. Den Hond un d'Léngt

10. D'Ëmwelt respektéieren

D'Campagne gëtt an der Press, op der Televisioun an iwwer e Radiospot diffuséiert. "Zesummen ënnerwee" gëtt och op de sozialen Netzwierker an op den digitalen Ecranen am Tram deklinéiert fir nach eng Kéier op d'Reegelen opmierksam ze maachen, déi Vëlosfuerer a Foussgänger respektéiere sollen, wa si zesummen ënnerwee sinn.

Méi Informatiounen zu den eenzele Reegele fannt Dir op **www.mmtp.lu**

Gär géif ech Iech froen, ob Dir wëllt mathëllefen, dës Campagne, déi jo virun allem och Stroossen bannent den Uertschafte souwéi Weeër rondrëm d'Gemenge betrëfft, ze promouvéieren.

En annexe, fannt Dir Visuelle fir an Ärer Communicatioun ze benotzen.

Fir all zousätzlech Informatioun oder Material kënnt dir Iech och gär u meng Mataarbechterin Madamm Dany Frank wennen, per Mail un communication@tr.etat.lu

Ech soen Iech am Viraus e grousse Merci fir Är Mathëllef.

Mat beschte Gréiss,



**François Bausch**
**Vizepremierminister**
**Minister fir Mobilitéit**
**an ëffentlech Aarbechten**

Annexe : Visuelle fir an Ärer Communicatioun ze benotzen